DE BISTOURI

EDITORIAL

Léif Medezinsstudentinnen a Medezinsstudenten, mir hoffen dat dier eng erhuelsam Vakanz hat!

Vue dat bestëmmt vill vun iech an der Vakanz ë Stage an engem Spidol am Ausland oder zu Lëtzebuerg gemaach hunn, proposéieren mir iech, ewéi all Joers, eng Evaluatioun vun ärem Stage op eiser Homepage (www.alem.lu) ze veröffentlechen.

Esou kennen och aner Medezinsstudenten vun ärer Erfahrung profitéieren. Wann dier dat an der Periode vum 1. Oktober bis den 14. November 2011 maacht, huel dir automatesch un eisem Gewënnspill deel, an hutt villeit d'Chance en *Littmann Stethoskop Classic II mat Gravure* vun ärem Numm drop, ze gewannen! (de Gewënner gëtt ausgeloust)

Mier bieden iech och, lo wou d'Uni rëm ufänkt, ären Compte op www.alem.lu ze aktualiséieren (wat d'Sëmesterzuel, d'Studieland usw. ubelaangt).

Fir déi Memberen, déi nach keen Passwuert hunn ass ët dofir onbedéngt noutwenneg sech eent ze man, andeems een sech iwwert eisen Site umellt. Dofir musst dier bei « Devenir Membre » goen an den Formular ausfëllen.

Och elo am Hierscht an Wanter hun mer nach e puer wichteg an flott Highlights. Eisen Info-Moien op der Uni.lu fir d'Rentrée, d'Foire de l'Étudiant, eis Gewënnspill, d'Veröffendlechung vun der ‚Démographie médicale 2011' esou wei eis AG um Enn vum Joer.

Mier sinn natierlech nach ëmmer op der Sich no villen neien motivéiert Memberen fir an eisen Comité. Platzen wei Membre consultant (MC) France, MC Autriche, MC Belgique, MC Uni.lu an nach vill aner interessant Funktioune kent dir 2010 entdecken. Fir weider Informatiounen kennt dier eis op contact@alem.lu kontaktéieren!

Mier wëllen eis Begeeschterung fir sozialt Engagement mat iech deelen – Medezin ass méi wéi nëmmen e Studium.

Den Comité wënscht iech vill Motivatioun an eng erfollegräich Rentrée!

Kalenner	
10. Oktober	**Selbstverletzung und Suizidalität bei Jugendlichen – Welche Therapie hilft?** Dr Gerhard Ristow Auditoire de l'Hôpital Kirchberg à 19 heures précises
15. Oktober	**6e Journée de Médecine de Reproduction - Infertilité masculine** de 08h45 à 13h00 à l'Amphithéâtre du CHL. Programme complet sur www.chl.lu
17. Oktober	**L'obésité : l'évaluation psychiatrique : à quoi ça sert ?** Dr G. Aguayo / Prof Ch. Pull de 17h00 à 18h30 dans la salle R1A du CHL (4, rue Barblé)
24. Oktober	**Progrès récents dans le traitement du mélanome malin métastatique.** **Le projet national du comité multidisciplinaire en oncologie.** Dr Frank Schumacher Auditoire de l'Hôpital Kirchberg à 19 heures précises
7. November	**Eclaircissement dentaire, gadget ou nécessité ?** Prof. Eric Bonnet / Dr Germain Becker Auditoire de l'Hôpital Kirchberg à 19 heures précises
28. November	**Neue Konzepte in der Trombosetherapie** Dr Anja Braun Auditoire de l'Hôpital Kirchberg à 19 heures précises
12. Dezember	**Traitement de l'hypertension par voie endovasculaire – Rêve ou révolution** Dr Gaston Schütz Auditoire de l'Hôpital Kirchberg à 19 heures précises

D'ALEM feiert seng 45 Joer

D'ALEM gouf elo am August 45 Joer al. 1966 haten e puer lëtzebuergesch Medezinsstudenten d'Iddi zesummen eng Associatioun ze grënnen. Zu deenen Studenten hunn den Guy Scheifer, Roger Arendt, Guy Glaesener, Georges Rihm an den Gust Esslingen gehéiert. Duerch d'ALEM wollten si e puer Problemer vun deemools léisen déi den Medezinsstudent betraff hunn.

Zu deier Zäit gouf den obligatoreschen Militärdéngscht fir déi zukünfteg Dokteren op 6 zousätzlechen Méint verlängert, wat awer och een méi heigen Grade mat sech gefouert huet. D'ALEM wollt sech dofir asetzen dat den zousätzlechen Militärdéngscht fir déi zukünfteg Arméidokteren méi kuerz gëtt an dat den obligatoreschen Militärdéngscht ofgeschaf gëtt. An den 60er Joeren war allgemeng Ëffentlechkeet géint dës Form vun Militärdéngscht an sou gouf am Juni 1967 den obligatoreschen Militärdéngscht ofgeschaf.

Den lëtzebuergeschen System vun den Examen fir en nationalen Diplom ze kréien war deemools och net méi zäitgeméiss, genau sou wei den Accès zu den Spezialitéiten via eng national Lescht. D'ALEM wollt sech dofir asetzen dat déi lëtzebuergesch Medezinsstudenten an den Studiumsystem vun den eenzelen Studienlänner integréiert ginn an och sou hier Spezialisatioun wielen. Leider war zu deier Zäit den Medezinsstudium an den eenzelen Länner nach net harmoniséiert. Dauer vun den Spezialisatiounen war ganz ënnerschiddlech vun engem Land zum aneren. Wat sech awer dunn och an den dorop folgenden Joeren geännert huet.

D'ALEM huet sech awer och schon deemools zu Häerz geholl Medezinsstudenten an den eenzelen Länner ze informéieren.

Hautdesdaags huet d'ALEM natierlech eng Partie nei Zieler an Projet'en. D'Organisatioun vun der Petziklinik, Kommunikatioun zwëschent den Spideeler an den Studenten, Entrevuen mat verschiddenen Instanzen sou wei den Gesondheetsministär, Participatioun bei internationalen Medezinsstudententreffen, Elaboratioun vun der „Démographie médicale" an nach villes méi.

Vue dat eisen Logo och schon eng Partie Joeren um Bockel huet, hunn mer decidéiert fir op dësem 45 Joresdag eisen Logo ze wiesselen. Den Designe kennt vum Lisa Keiffer an mir soen him Merci fir seng gutt Aarbecht.

Stoussen mer un fir dat d'ALEM och nach weider 45 Joer präsent as an sech fir Medezinsstudent asetzt!

Isabelle Jung



Quellen: Correspondenz mam Dr Guy Scheifer

Petziklinik 2011

Och dest Joer rëm huet d'ALEM seng traditionell Petziklinik organiséiert.

Fir d'Kanner beschtens op d'Petziklinik virzebereeden, sinn mir puer Deeg virdrun an 5 Diddelenger Spillschoulsklassen gaangen. Do hunn mir de Kanner iwwert d'Dokteren gezielt an hinen gewisen wat déi sou maachen. D'Spillschoulskanner haten och schéin Biller iwwert hir Virstellung vum Thema „Dokter" gemoolt. Déi hunn mir dunn op eiser Petziklinik opgehaangen. Nei dest Joer war, dass déi zukünfteg Petzidokteren och optimal op d'Petziklinik virbereet ginn sinn. No enger genauer

Erklärung vum Oflaf vun der Petziklinik, krut d'Kannerpsychologin Michèle Schütz d'Wuert. Mat hir hunn mir iwwert déi méiglech Problemer déi mat de Kanner kéinten opkommen diskutéiert, an hunn duerch e flott Rollespill Léisungen gesicht.
Endlech war et dunn sou weit! Den 2. Juli war den Diddelenger Gesondheetsdag, wou mir eis Petziklinik hunn. Déi ass iwwregens dest Joer vergréissert ginn, et sinn nämlech eng Zänndokterpraxis an e Gipssall bei komm. Den ganzen Dag iwwer hunn Medezinsstudenten an hir wäertvoll Receptionistin d'Kanner mat hiren Petzien duerch d'Klinik begleed. Sou konnten d'Kanner hir Petzien behandelen loossen an déi verschidden Dokteren kenneléieren, ënnert aneren den Nounoursolog, den Radiolog oder den Chirurg.

Eisen Projet konnt nëmmen sou gutt iwwert d'Bühn lafen dank der Zesummenaarbecht mat der Diddelenger Gemeng an hirem Service Médico-Scolaire, den fräiwëllegen Medezinsstudenten, den Spenden déi mir vun Elteren kruten, an der moralescher Ënnerstëtzung vum Dr. Seligmann.

Bis d'nächst Joer op der Petziklinik 2012!

Deborah Petry

Medezinssendungen - Grey's Anatomy

Moien léif Medezinskollegen, an dëser neier Bistouri-Editioun fänke mer eng nei Rubrik un, an zwar schwätze mer iwwert Medezinssendungen, déi an de leschter Joere jo ee regelrechte "boom" erlieft hunn, an dest zemools an deene leschten 10 bis 15 Joer. Sou mierkt een dass eisen zukünftege Beruff souguer vum "Grand Public" ëmmer méi appréciéiert gëtt. Mir wäerten eis an deene folgende Bistouri-Editiounen op eng Sendung konzentréieren andeems mer se kuerz beschreiwen, se kritiséieren an awer och, villäicht, luewe wäerten.

An dëser éischter Editioun stelle mer iech eng vun de berühmtesten an erfollegräichste Medezinssendungen fir: Grey's Anatomy.

D'Sendung hätt sollten am Ufank "Complications" heeschen, gouf awer duerno als Hommage un d'Anatomiesbuch "Gray's Anatomy" ëmbenannt; dat trefft sech nämlech gutt, well den Haaptcharakter Meredith Grey heescht (wat een Zoufall...). Am Joer 2005 gouf et déi éischt Televisiounsaustrahlung um amerikanesche Sender ABC, déi usech nëmme provisoresch d'Sendung "Boston Legal" sollt ersetzen. No den excellenten Zuschauerquoten huet sech de Sender dofir entscheed, weider Staffelen ze dréinen. Ech géing net mengen dass se et haut bereien, well Grey's Anatomy ass déi 4. gewënnbrengenst Sendung vum Sender; ganzer 2,67 Milliounen US$ huet se 2010 erabruecht!



D'Haaptpersonnage sinn Assistänzdokteren, Spezialisten an een Chefdokter aus Seattle Grace Mercy West Hospital; dëse gëtt et net wierklech, an d'Haaptscene ginn zu Los Angeles gedréint. Déi ganz Sendung gëtt duerch déi verschidde Charakterzich vun den Akteure geleet, wéi z.B. d'Meredith Grey dat duerch d'Vernoléissegung an de freien Doud vu senger vun Alzheimer erkrankte Mam geprägt ass (seng Mam souz oft hannert dem Skalpell als Chirurg); hat huet duerch d'Krankheet vu senger Mam d'Medezinkarriär gestart a gouf vum Chefdokter an Obhut geholl well dësen deemools eng Affaire mat senger Mam hat (wat eng afallsräich Idee!). Am Laf vun der Geschicht verléift hat sech an den Derek Shepherd, de sougenannte "McDreamy" (d'Meedercher gi jo ganz schwaach beim Ubléck vum Patrick Dempsey...ween hätt geduecht dass hien un Dyslexie leit!).

D'Geschicht beschränkt sech net nëmmen op d'medezinesch Aspekter, mä et handelt sech éischter ëm eng Dramageschicht an där d'Bezéiungen tëschent de verschiddenen Acteuren eng méi grouss Roll spille wéi d'Heele vun de Patienten. D'Roll vun der Medezin gëtt also als "flotten an amüsanten" Hannergrond benotzt

oder soll ech soe “vergewaltegt”?. Dëst fält schon bei der éischter Folge vun der Serie op; déi fänkt nämlech net am Spidol, mä am Bett vun der Protagonistin un. Och den Text, den als Intro an als Ofspann an all Folge vum Meredith erzielt gëtt, an an dem iwwert d’Liewen am allgemenge philosophéiert gëtt, léisst dorobber hindeiten.

Een aneren interessante Fait ass d’Titelwiel vun den 1-stënnege Folgen, déi bal all no Songtitele benannt sinn. Dees weideren droen d’Doktere meeschtens ee Littmann-Stethoskop Cardiology III ëm den Hals, mä doen en praktesch ëmmer de falsche Wee un (et kann ee jo net alles wëssen...). D’Spezialiste genee esou ewéi d’Assistänzdokteren an d’Chefdoktere gesinn och no enger 48-Stonnen-Schicht nach ëmmer top fit a perfekt gestylt aus.

Wei schonns gesot, baséiert sech d’Geschicht vu “Grey’s Anatomy” net op d’Medezin mä éischter op dat zwëschemënschlecht zwëschen deene verschiddenen Dokteren an awer och zwëschen de Patienten an hiren “Heeler”. D’Akteure sinn dowéinst meeschtens mat medizinesche Rou-tine-Fäll “geplot” an domadder beschäftegt hiert eege Liewen (rëm) op d’Been ze stellen. Aussergewéinlech Fäll à la Dr. House ginn et praktesch keng, an awer wierke vereenzelt Episoden duerch iwwerdriwwe Verletzungen an dären Heelung, ouni Komplikatiounen an Nowierkungen, wuel bemierkt, esou wei duerch Massen-Accidenter oder Amokläf ze onrealistesch (et bemierkt een, dass d’Seattle Grace Hospital an dem Moment dat eenzegt Spidol an engem Ëmkrees vun 100 km ass an si dowéinst all Patient ageliwwert kréien) an déi emotional Snow Patrol an The Fray Lidder loossen déi ganz Situatioun da vill ze dramatesch erschéngen.

Et mierkt een also dass d’Seattle Grace Hospital an Grey’s Anatomy am grousse ganzen net fir näischt vun der New York Times “Sex and the City Hospital” ge- oder vernannt gëtt a virun allem vum weibleche Public, oft méi wéi nëmmen appréciéiert gëtt.

Jorge Batista
Jessica Leuck

Quellen:
www.imdb.com
Text vum Katja Werner “Ärtze ohne Grenzen - Ballacks Wade wird trotz Streik gut versorgt - aber was macht der Fernsehzuschauer?” aus http://www.freitag.de/2006/24/06241202.php (als lescht besicht den 30. 06. 2011)
Text vum Peer Schader “Wo drückt’s den, Doc? – TV-Serie “Grey’s Anatomy”
Text vum Jeanette Bretan “Grey’s Anatomy, Emergency Room und Co.: Arztserien und wieso sie immer wieder funktionieren”
“Wo Defibrillatoren funken und Skalpelle blitzen”

An Afrika mat ‘‘Amis d’Gens’’!

Tëschent Juni an August, organiséiert d’Associatioun Amis d’Gens, all Joer, eng Humanitäraktioun zu Lokossa, am Benin (Zentral Afrika). Ënnert dem Logo vun der Uni vun Nanzeg, besteet d’Amis d’Gens nëmmen aus Medezinsstudenten vum zweeten an drëtten Joer. Den Comitée gëtt ëmmer am September demokratesch ofgestëmmt an huet als Aarbecht motivéiert Memberen ze sichen fir een Maximum vun Suen ze sammelen während dem Joer. Am Ufank, muss den Comitée sech an d’Amis d’Gens virun deenen Studenten déi betraff sinn virstellen. Während sou eng Powerpoint-Presentatioun, hunn ech fir d’eicht vun der Associatioun héieren an hunn mech och séier als aktiven Member engagéiert.

Een Subside vun der Uni ass virgesinn fir d’Ausgaben, mä den Gros vun den Suen kennt awer vun eisen Aktivitéiten: Kuchen verkafen, Soiréeën, Vente vun Kalenneren, etc... Eist Ziel ass wéinstens 6000 Euro zesummen ze kréien fir dass den Plan d’Aménagement vun eisem Partenariat mat der Gemeng vun Lokossa erfollegräich ass. Niewebäi, ginn mir och een Deel vun den Suen un engem Weesenhaus zu Lokossa. Leider kann net all Member bis an Afrika reesen well dat ganzt säin Preis huet. Den Fluch fir hin an zeréck esou wei d’Impfungen (Fièvre jaune, Hepatite A, Méningite, Typhoïde, DT polio...) geet op d'eegen Käschten vun all Member. Net ze vergiessen d’MALARONE, deier Pellen, déi een dohannen all Daach muss huelen fir sech géint d'Malaria ze schützen. Schlussendlech, soll een mat engem Minimum vun 1000 Euro Budget rechnen.

Ënn Mee gouf eist Ziel erreecht. Eis Visa-en koumen och rechtzäiteg aus Paräis, sou dass no eisen Examen, den eichten Groupe vun 8 Leit

sech konnt fäerdeg maachen fir déi spannend Erausfuerderung. Ech wor een vun deenen 8 Éischt, déi vum 21. Juni bis den 12. Juli bis an

Afrika gereest sinn. Ech kann iesch leider net all Detailer erzielen vun mengen 3 Wochen, eppes ass awer sécher, et wor meng beschte Liewenserfarung bis Haut! Mir hunn eis während der Woch an Gruppen opgedeelt an eis ofgewiesselt tëschent der Klinik an dem Weesenhaus ''La Providence''. Am Weesenhaus hunn mir Spiller gemeet an Cours gehalen. An der Klinik oder besser gesot am ''Hôpital de Zone'' hunn mir ënnert schwéier Bedéngungen (z.b kéng Klimaanlag, staarken Geroch...) een Stage gemeet.

Als zukünftegen Dokter wor deen Stage eng Beräicherung fir meng Carrière. Ech hunn bäigeléiert wéi een mat wéinegen Mëttelen an schwéier Bedéngungen kann Medezin praktizéieren. Wou ech meng Nuetsschicht gemeet hunn, wor mir séier kloer dass dohannen d'Aide-soignante d'Aarbecht vun den Infirmier mécht, den Infirmier déi vum Dokter an den Dokter... muss alles maachen kënnen! Ausserdeem, huet eis den Dr. Jules, den eenzegen Chirurg aus dem Haus, villes bäibruecht, net nëmmen am medezineschen Beräich mä och fir d'Liewen. Seng Wieder wäert ech ni vergiessen an domat hoffen ech d'Medezinsstudenten an d'zukünfteg Medezinsstudenten ze motivéiert:

<< Devenir médecin est un parcours long et difficile mais par après cela devient très passionnant! J'ai fait mes études en Pologne et à l'époque les Noirs n'étaient pas toujours les bienvenus. La discrimination et la langue étaient des obstacles mais pas des barrières! Vous vous demandez comment j'ai réussi? Et bien, n'oubliez pas la phrase suivante: Vouloir fortement, c'est pouvoir!
Après mes études, j'ai fait mon stage en France mais je suis retourné dans mon pays car ici je ne suis pas limité à ma spécialisation de chirurgien. Ici, je peux tout faire: j'opère, je donne des consultations, je vais voir les patients... Profitez de votre séjour pour apprendre, car ce que vous verrez ici, vous ne le verrez pas ailleurs ou difficilement car tous les domaines de la médecine sont concernés ici. Il est important aussi de toujours prendre des notes pendant les stages, ici ou ailleurs, c'est un conseil car j'étais étudiant comme vous... Vous savez ce qui distingue un médecin d'un bon médecin? On ne cherche ce que l'on connaît et on ne trouve ce que l'on cherche. Le bon médecin c'est ça et c'est ce que je le souhaite pour vous! >>

Tiago Fernandes



wat ass D'ACEL?

ACEL steet fir «Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois», wat esou vill heescht wéi «den Daachverband» vun all de lëtzebuergesche Cerclen, oder kuerz «de Studentevertrieder».

D'ACEL vertrëtt 37 lëtzebuerger Cerclen déi verdeelt sinn duerch 12 Länner. Déi Cerclen, wielen den ACEL Comité all Joer op hirer Wanter AG a sinn alleguer Member vun der ACEL.
Doriwwer eraus, representéiert d'ACEL awer och déi 5 fachspezifesch Cerclen, déi Studenten aus eenzelne Fachberäicher vertrieden.

wéi mécht D'ACEL dat?

1. D'ACEL informéiert d'Schüler an d'Studenten duerch :

• eng Rei vu Publikatiounen:
De **Guide du Futur Étudiant**, deen d'Schüler awer och d'Studenten iwwer déi verschidde Studieméiglechkeeten an de verschiddene Länner informéiert.
De **Guide du Futur Diplômé**, deen engem Student, dee sou gutt eméi fäerdeg ass mat sengem Studium, hëlleft am Beruffsliewe Fouss ze faassen.

• eng Rei vu Manifestatiounen:
StudienInfo, wou d'ACEL de Schüler vun 2e a 1re hëlleft am Uni-Dschungel den Duerchbléck ze kréien.
Foire de l'Étudiant, wou all Schüler sech direkt op der Plaz mat der ACEL a mat de verschiddene Cerclen kann ënnerhalen a seng Froe stellen.

2. D'ACEL regruppéiert Studenten duerch :

• eng Rei vu Publikatiounen :
e-zoom, eng elektronesch Newsletter vu Studente fir Studenten déi 4 mol am Joer informéiert iwwer wat all déi aner Cerclen sou dreiwen.
Zoom 1200mm, eng Zeitung déi eemol d'Joer eraus kënnt an déi e "Zoom" op d'lëtzebuerger Studentenzeen ass.

wat mécht D'ACEL?

- Schüler a Studenten **informéieren**
- Studente **regruppéieren** an **zesumme féieren**
- **Sech fir Studenten asetze** virun den Autoritéiten, soubal dëst noutwenneg ass

E-leo, en internen ACEL Compte Rendu an deem all Cercle informéiert gëtt wat den ACEL Comité esou mécht.

• eng Rei vu Manifestatiounen :
Studentebal, dëse Bal un deem d'Cerclen aktiv matschaffen ass all Joer erëm e grousse Succès.
REEL, d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois, regruppéiert all Joer an enger anerer europäescher Stad 150 Studente fir iwwer all méiglech héichschoulpolitesch Themen ze debattéieren a sech och besser kennen ze léieren.

3. D'ACEL setzt sech fir Studenten an :

• D'ACEL steet a stännegem Kontakt mam Ministère de l'Éducation Supérieure, wou mer regelméisseg Entrevuen mam Här Biltgen hunn.

• D'ACEL sëtzt sech fir d'Problemer vun de Studenten wat Aide-Fi, Unerkennung vun den Diplomer, Stageplazen, asw. betrëfft an.

• D'ACEL vertrëtt d'Meenung vun de Studenten an ass politesch neutral.

ACEL
de Studentevertrieder

www.acel.lu

contact@acel.lu • (+352) 691 42 05 38/39/40